AMICALE DES ENROLES DE FORCE

E T T E L B R U C K

Ettelbreck, den 14. Oktober 1983.

I N V I T A T I O U N

Le'f Komerodinnen a Komeroden !

Dir gitt heimat herzlechst op eis Journée des Enrôlés de Force an 21. Generalversammlung agelueden,de' döst Joer den 30.Oktober 1983. ofgehalen get.

Hei de genaue Programm:

10,30 Auer: Mir versammelen eis (ouni Cortège) direkt firum Kirfecht a gin zesummen bei eis Gedenkplâtz eng Gerbe ne'erléen.

11,00 Auer: Gedenkmass an der Pârkirch fir all verstuerwen a vermössten Zwangsrekrute'ert.

12,30 Auer: Gemeinschaftlecht Iessen am Café Streff (Kaell) zu Warken

14,30 Auer: Eis 21. Generalversammlung:

a) Begre'ssung durch de Präsident
b) Rapport fum Sekretär
c) Rapport fum Caissier matt décharge a Festsetzung fun der Cotisatioun 1984.
d) Délneiwahl fum Comité

austriedend Memberen: Hirt J.P. - Lentz Lucien - Lanners René - Mergen Camille - Schmit Jacques.

verstuerwene Member: Reding Alphonse

E'eren-Präsident : Lutgen Henri

Kandidaturen sinn bis den 29. Oktober un de Präsident Ed.Juncker, Rue Tony Schmit 12, Ettelbreck anzeréchen.

e) Rapport fun engem Member fum Comité Central

Mir zielen op eng stârk Bedéligung op dösem Dâg. Dat sin mir eisen gefâlenen oder vermössten Komerodinnen an Komeroden émol am Jâr schölleg.

Mir hoffen och, datt eso' vill ewe' me'glech Memberen um Iessen matt eis zesummen sin . Scheckt duerfir de' beiliegende Formular eso' se'er ewe' me'glech zereck.

Aere Comité,

Bolmer

Heinz

Jos